# CHARTA

Babysitting.lu

Where parents and babysitters connect

elisabeth jeunesse

VERSION 2024-09


# Inhaltsverzeechnes


| | |
|---|---|
| **KAPITEL 1: ALEEDUNG "BABYSITTING.LU"** | **2** |
| 1.1. D'Plattform "Babysitting.lu" | 3 |
| 1.2. Sichen a fannen ("Matching") | 3 |
| **KAPITEL 2: NËTZLECH INFORMATIOUNE FIR BABYSITTER:INNEN & ELTEREN/TUTEUREN** | **7** |
| 2.1. Babysitting | 8 |
| 2.2. Kenneléiertermin | 8 |
| 2.3. Ausbildung zum/zur Babysitter:in | 9 |
| 2.4. Rechter und Pflichten vun de Babysitter:innen an Elteren/Tuteuren | 10 |
| **KAPITEL 3: PROFILERSTELLUNG** | **14** |
| 3.1. D'Viiraussetzunge fir eng erfollegräich Registréierung als Babysitter:in | 15 |
| 3.2. D'Viiraussetzunge fir eng erfollegräich Registréierung als Elteren/Tuteuren | 16 |
| **KAPITEL 4: NËTZLECH INFORMATIOUNEN FIR PARTNER** | **18** |
| 4.1. Babysitting | 19 |
| 4.2. D'Plattform "Babysitting.lu" | 19 |
| 4.3. Méiglech Partner fir ee Babysitting.lu-Label | 19 |
| 4.4. D'Viiraussetzungen | 20 |
| 4.5. Viirdeeler vun enger lokaler Partnerschaft | 20 |
| 4.6. D'Aufgaben vun engem lokalen Partner | 21 |
| **KAPITEL 5: D'KOORDINATIOUNSSTELL** | **24** |
| **SPÉNGEL & VIIRLAGEN** | **26** |






# ALEEDUNG „BABYSITTING.LU“



# 1.1. D'PLATTFORM "BABYSITTING.LU"

D'Internetplattform „Babysitting.lu“ ass eng Kontaktplattform, iwwer déi Elteren/Tuteuren a Jugendlecher, déi eng Formatioun als Babysitter:in ofgeschloss hunn, sech kenneléieren kënnen.

D'Zil vun der Plattform ass et, op der enger Säit, de Jugendlechen d'Méiglechkeet ze ginn, selbstänneg hiert éischt Geld ze verdéngen an op der anerer Säit, den Elteren/Tuteuren d'Sich no enger vertrauenswierdeger Betreiung fir hir Kanner ze erliichteren.

D'Plattform gëtt vun Elisabeth Jeunesse* a Kooperatioun mat den Excellence- a Quality-Label-Partnere koordinéiert a steet de Benotzer:innen gratis zur Verfügung.

**Se riicht sech un:**

- Elteren/Tuteuren
- Jugendlecher tëschend 15 an 29 Joer
- Partner vu Babysitting.lu

Babysitting.lu
Where parents and babysitters connect

**Plattform**

- Aktuell Lëscht mat zertifizéierte Babysitter:innen
- Validéiert Elteren/Tuteuren
- Babysittingofferen inklusiv Sich- a Filterfunktioun
- Chatfunktioune tëscht Elteren/Tuteuren & Babysitter:innen
- „Roude Knäppchen“ fir Meldungen/Reklamatiounen
- FAQs
- Allgemeng Informatiounen:
  - fir Elteren/Tuteuren
  - fir Babysitter:innen
  - fir Partner
  - zu Formatiounen an Zousazmoduler
  - iwwer d'Partner

**Nützliche Dokumente**

**Babysitter:innen**

**Elteren/ Tuteuren**

- Charta
- Checklëschten
- Bildungsdokumentatioun Babysitter:in
- Vereinbarungsviirlagen

**Gemeinden ("Quality-Label"-Träger)**

**Kanner-, Jugend- & Familljendéngschter (Lokal „Excellence-Label“-Dréier)**

**Schoulen / Lycéen (Lokal "Excellence-Label"-Dréier)**


- Charta
- Validéierungsprozeduren
- Grafikvirlagen & Grafikcharta
- Zertifikatsvirlag
- Quality-Label & Excellence-Label
- Partnerkontakter
- Kontakter „Pool Formateuren“

**"Pool Formateurs"**


- Charta
- Validéierungsprozeduren
- Grafikvirlagen & Grafikcharta
- Zertifikatsvirlag
- Bildungsdokumentatioun Formateur
- Partnerkontakter
- Kontakter „Pool Formateuren“

# 1.2. SICHEN A FANNEN ("MATCHING")

D'Internetplattform erlaabt Elteren/Tuteuren eng Babysitting-Sessioun am Eventkalenner ze veröffentlechen, sou datt verfügbar Babysitter:innen d'Elteren/Tuteuren kontaktéiere kënnen fir ze babysitten. Mat enger integréierter Chatfunktioun erméiglecht Babysitting.lu eng einfach a sécher Kommunikatioun tëscht Babysitter:innen an Elteren/Tuteuren.



Eng aner Optioun vun der Plattform ass, datt Elteren/Tuteuren sech d'Profiler vun de verfügbare Babysitter:innen ukucke kënnen. Bei Interesse un engem/enger Babysitter:in kann duerno eng Kontaktopnahm iwwer d'Chatfunktioun ageléist an eng éischt Versammlung ofgemaacht ginn.








# NËTZLECH INFORMATIOUNE FIR BABYSITTER:INNEN & ELTEREN/TUTEUREN

## 2.1. BABYSITTING

Babysitting bezitt sech allgemeng op stonneweis Betreiung vun de Kanner vun Drëttpersounen, wärend d'Elteren/Tuteuren net doheem sinn. D'Dauer vum Babysitting soll net méi wéi 8 Stonne bedroen. Haaptsächlech maachen d'Schoulkanner a Student:innen tëscht 15 an 29 Joer dës Aktivitéit fir Erfarung am Ëmgang mat Kanner ze sammelen an extra Suen ze verdéngen. D'Remuneratioun soll op d'mannst de Stonnepräis vum gesetzleche Mindestloun fir Student:innen* sinn.

D'Babysitter:innen kommen dacks aus dem direkte familiären Ëmfeld vun de Kanner, no Familljememberen, Bekannten oder wéi am Fall vum "Babysitting.lu", vun enger Online Kontaktplattform. D'Dauer vun der Beschäftegung an d'Remuneratioun ginn am Viraus tëscht béide Parteien ausgemaach (et ass méiglech d'Conventioun an der Spéngel 4 ze benotzen).

D'Babysitten ënnerscheet sech also grondsätzlech vun enger ganzdeeglecher, reegelméisseger Betreiung vun enger Persoun mat engem Au Pair-Kontrakt an enger professioneller Kannerbetreiung vun ausgebilte Persounen.

## 2.2. KENNELÉIERTERMIN

Am Interêt vun alle Bedeelegten ass ee Kenneléiertermin virum éischte Babysitting recommandéiert. Op esou engem Rendez-vous kënnen d'Elteren/Tuteuren an d'Babysitter:innen sech kenne léieren an d'Detailer fir eng zukünfteg Zesummenaarbecht klären. Et ass och wichteg datt d'Babysitter:innen d'Kanner kenne léieren an datt souwuel si wéi och d'Elteren/Tuteuren erausfannen ob d'Relatioun d'Chimie tëschent hinnen stëmmt.

Beim Kenneléiertermin sollen all wichteg Informatiounen am Bezuch op d'Ernärung, d'Hygiène, d'Gewunnechten an d'Ritualer vum Kand matgedeelt ginn. D'Elteren/Tuteuren kënnen dobäi nach wäertvoll Tipps fir d'Betreiung vum Kand mat op de Wee ginn.

Fir d'Babysitter:innen huet e Kenneléiertermin de Virdeel, datt déi wichtegst Saachen (kuckt d'Checkléschten an der Spéngel) gekläert ginn.

Bei esou engem Kenneléiertermin soll den/d'Babysitter:in sech net ëm d'Kand këmmeren, mee et geet éischter drëms, dass all Parteien sech an engem harmonesche Kader kenneléieren. Deementspriechend gëtt dëse Rendez-vous net fakturéiert.

Follgend Punkte solle bei engem Kenneléiertermin ofgekläert ginn:

- Wou kënnen Elteren/Tuteuren an engem Noutfall erreecht ginn?
- Aner Noutruffnummeren: Hausdokter, Kannerdokter / Famill / Noperen ...
- Leit d Kand u Krankheeten/Allergien?
- Muss d'Kand Medikamenter kréien? Wann jo, wéi eng?
- Aufgabe beim Babysitting (Iesse virbereeden, Geschier spullen, asw.)
- Schlofgewunnechten / Schlofzäiten
- Wat däerf d'Kand maachen (z.B. PC, Fernseh...)
- Wou sinn d'Ersatzkleeder, d'Wëndelen, d'Medizinschaf...?
- Wéi gëtt den Transport vum/vun der Babysitter:in gereegelt?
- Tarif a Bezuelmethod (Cash oder Payconiq)
- Huet de/d' Babysitter:in Allergien oder Intoleranzen?
- Wat kann de/d' Babysitter:in maache wann d'Kand schléift?
- Et gëtt eng Verpflichtung fir driwwer ze informéiere wa Kameraiwwerwaachung am Haus ass

Souwuel d'Elteren/Tuteuren wéi och de/d'Babysitter:in hunn d'Recht zu all Moment "Nee" ze soen, wann d'Vertrauensverhältnis net stëmmt.

*ITM: https://itm.public.lu/de/questions-reponses/droit-travail/autres-contrats/b/b5.html

## 2.3 AUSBILDUNG ZUM/ZUR BABYSITTER:IN

Fir sech op „Babysitting. lu" registréieren ze dierfen, muss ee, bei engem vun de Partner, erfollegräich eng Formatioun ofgeschloss hunn. D'Lëscht vun de Partner, inklusiv de Kontaktdaten sinn op Babysitting.lu ënnert der Rubrik "Partner" nozekucken.

D'Babysitterformatioun besteet aus mindestens 7,5 Stonnen a beinhalt obligatoresch Themen. Zousätzlech Inhalter an déi methodesch Emsetzung vun den Theme sinn all Partner fräi iwwerlooss.

Nieft der klassescher Grondformatioun ginn op fräiwëlleger Basis zousätzlech Moduler ugebuede fir d'Wëssen ze verdéiwen. Dës Moduler gi vun de Partner geplangt an ëmgesat.

D'Babysitting-Formatioun, déi Babysitting.lu offréiert, ass de Kär vun der Qualitéitsstrategie an huet als Zil net nëmmen déi Jonk grondleeënd Betreiungskompetenzen ze léieren, mee och fir se professionell an ëmfaassend op hir Roll als Babysitter:in virzebereeden.

Folgend Themen si feste Bestanddeel vun enger Babysitterformatioun:

| | |
|---|---|
| **Aleedung** | **2 h** |
| **Allgemengen Oflaf a Konditioune vum Babysitting**<br>Rechter und Pflichten den Elteren/Tuteuren / Babysitter:innen \| International Kannerrechter \| Checklëschte fir Elteren/Tuteuren / Babysitter:innen \| Verantwortung vun Babysitter:innen | |
| **Kommunikatioun mat Elteren/Tuteuren**<br>Erwardungen vun den Elteren/Tuteuren\| Verhalen géigeniwwer den Elteren/Tuteuren | |
| **Kommunikatioun mam Kand**<br>Verbal a nonverbal Kommunikatioun \| Interaktioun mat engem Kand \| Signaler vun engem Kand erkennen | |
| **Dat klengt ABC vun der Eischter Hëllef**<br>Verletzungen, Krankheeten und Geforen bei Kanner<br>Geforen vermeiden – Präventioun vu Geforen \| Reaktioun an engem Noutfall | **1 h** |
| **Entwécklung vun engem Kand**<br>Entwécklungsstufen vu Kanner\| Emgang mat Ängschten vu Kanner\| Altersgerecht Aktivitéiten, ofgestëmmt op de jeeweilegen Entwécklungsstand | **1 h** |
| **Praxis**<br>Ernärung - Zoubereede vun enger Fläsch, Bräi, ...<br>Hygiène beim Kand - Bueden vum Kand, Wéndelwiessel, Zännwäschen \| Ee Puppelchen richteg ophiewen, halen an droen \| Spillen a bastelen \| Ritualer beim Kand – Iessen, Schlofen,... | **3 h** |
| **Ofschloss vun der Formatioun**<br>Evaluatioun mat den Participant'en \| Bildungsdokumentatioun a Virlagen Babysitting.lu – Umellen, Fräischalten, Austausch \| Roll vun de Partner vu Babysitting.lu | **0.5h** |

# 2.4. RECHTER A PFLICHTEN VUN DE BABYSITTER:INNEN

## INFORMATIOUNSPFLICHT

D'Babysitter:innen mussen am Viraus adequat informéiert ginn, fir an engem Noutfall kënnen ze reagéieren. D'Checkléscht an der Spéngel déngt als Virlag (kuckt d'Spéngel 2).

Babysitter:innen mussen Elteren / Tuteuren adequat iwwer de Babysitting-Prozess informéieren.

## ZÄITSPANN

All Babysitting-Sëtzung soll maximal 8 Stonnen hannereneen daueren. Wann de/d'Babysitter:in d'accord ass iwwer Nuecht ze bleiwen, soll d'Period maximal 10 Stonnen hannerenee sinn. Och wann d'Kanner schlofen, droe Babysitter:innen voll Verantwortung fir hir Sécherheet. Dëst muss beim Bezuele vum Babysitting a Rechnung gedroe ginn.

Elteren/ Tuteuren mussen mat Zäiten driwwer informéiere wéini si zeréck sinn. Eng Verspéidung muss mindestens eng Stonn am Viraus matgedeelt ginn.

## AUFGABEN VUM/VUN DER BABYSITTER:IN

Babysitter:innen däerfen nëmme fir Aufgaben, déi Bestanddeel vum Babysitting sinn, agesat ginn: Mat de Kanner spillen, iessen, an d'Bett bréngen, wéckelen... an net fir Hausaarbechten oder Änleches. Allerdéngs kann erwaart ginn, datt vum Jugendlechen an/oder de Kanner benotzt Geschier wechgeraumt gëtt. Deemno solle Babysitter:innen sech net ausnotze loossen, bedenklech Aufgaben hannerfroen an sech weigeren, falls si eppes net ubruecht empfannen.

## CHECKLISTE UND VEREINBARUNGSVORLAGE

An der Spéngel 2 an an der Spéngel 3 sinn Checkléschten fir Babysitter:innen a fir Elteren/Tuteuren verfügbar. Dës déngen zur Planung vum Babysitting a sollten ënnereneen ofgekläert ginn. Des Weideren déngt de Babysitting Accord (Spéngel 4) der Datekoordinatioun an soll Mëssverständnisser vermeiden.

## KLÄREN VUN DE VERHAALENSREGELEN

D'Verhalensreegelen fir d'Kanner mussen am Viraus, zum Beispill am Kader vum Kennenléier-Termin, mat den Elteren/Tuteuren beschwat ginn. Dës sollten wärend dem Babysitting méiglechst kohärent ugewannt ginn.

D'Toleranzgrenz vun den Elteren/Tuteuren sollt och beschwat ginn, sou datt dës wärend dem Babysitting vun de Jugendlechen net iwwerschratt gëtt. Beispill: Schlofzäit, Allergien a Medikamenter, Ernärung wéi Cola, Chips,...

## OPSIICHTSPFLICHT

D'Kand däerf zu kengem Zäitpunkt onbeopsiichtegt sinn (Beim Schlofe mussen d'Babysitter:innen an onmëttelbarer Géigend sinn. Et muss ze héiere sinn, wann d'Kand rifft an d'Kand muss d'Méiglechkeet hunn eegestänneg bei de/d'Babysitter:in ze goen. Reegelméisseg Kontrolle sinn onerlässlech.

D'Kand däerf keng kierperlech oder séilesch Schied erliewen; méiglech Gefore sinn ze évitéieren.

D'Privatsphär vum Kand ass ze respektéieren, Grenze mussen agehale ginn.

## KENG GEWALT

D'Kand däerf weder kierperlech nach seelesch mëssbraucht ginn, och wann dëst dem Erzéiungsstil vun den Elteren/Tuteurenentspriécht (kee Schloen, Stoussen, Resellen, Ujäitzen...). Bei Verdacht op Gewalt an der Famill sollen d'Babysitter:innen sech enger Bezuchspersoun uvertrauen an net eegemächteg handelen.

## VERANTWORTUNG IWWERHUELEN

Babysitter:innen musse wärend dem Babysitting d'Verantwortung fir déi uvertrauten Kanner iwwerhuelen a fir hiirt Wuelbefannen suergen.

## DISKRETIOUN

Vertraulech Informatiounen därfe net un drëtt Persounen weidergi ginn.

## FILMEN UND FOTOGRAFEIEREN

Wärend dem Babysitting däerfen keng Fotoen oder Filmer gemach ginn an u Frën:dinnen, Famill oder aner Drëttpersounen weidergeschéckt ginn.

## MEDIKAMENTER

De Kanner nëmme Medikamenter mam Averständnis vun den Elteren/Tuteuren ginn a sech un d'Virgaben (Dosis, Auerzäit asw) halen.

## ERREECHBARKEET AM NOUTFALL

D'Elteren/Tuteuren mussen all Erbléck erreechbar sinn. Weider Telefonsnummere vu Familljemembere oder Nopere solle gefrot ginn an dem/der Babysitter:in zur Verfügung gestallt ginn.

## D'KAND GËDD VIRUM TERMIN KRANK

Wann d'Kand plëtzlech krank gëtt oder e Babysitting net méi néideg ass, mussen d'Elteren/Tuteuren esou séier wéi méiglech telefonesch annuléieren. Et ass net erlaabt, e Babysitting fir e krankt Kand ze plangen.

## DE/D' BABYSITTER:IN GËDD AM VIRFELD VUM TERMIN KRANK

Wann de/d' Babysitter:in plëtzlech krank ass, muss de/d' Babysitter:in sou séier wéi méiglech telefonesch ofsoen. Et ass net erlaabt, krank zu engem Babysitting-Termin ze erschéngen.

## OFMELLPFLICHT

Bei Verhënnerung musse sech Babysitter:innen mat Zäiten bei Eltern/Tuteuren ofmellen, dat hescht mindestens 24h am Viraus.

## ÜBERWACHUNGSKAMERAEN

Déi Jonk mussen informéiert ginn, wann Iwwerwaachungskameraen am Haus installéiert sinn. Iwwerwaachung wärend dem Babysitting ass net erlabt.

## VERPFLEGUNG

Wärend der Babysitting Sessioun sollt genuch lessen fir déi ganz Dauer vum Openthalt verfügbar sinn. Wann de Babysitting e puer Stonnen dauert, sollte Gedrénks a Snacks deementspriechend ugepasst ginn. Babysitter:innen hunn d'Recht op gratis lessen wärenddeems d'Kand ësst.

## PÜNKTLECHKEET

Babysitter:innen mussen zu dem Zäitpunkt um Babysitting ufänken, den ausgemach gi war.

## ALUEDEN VU FRËN:DINNEN AN/ODER FAMILLJEMEMBEREN

Frënd:innen oder Familljemememberen däerfe wärend dem Babysitting net agelueden oder matbruecht ginn. Den Zougang vun Drëttpersounen am Haus vun der Famill ass verbueden.

## D'PROPRIETÉIT VUN DEN ELTEREN/TUTEUREN

D'Proprietéit vun den Elteren/Tuteuren däerf nëmmen mat hirer Erlabnis benotzt ginn. Im Notfall ist vom Telefon Gebrauch zu machen. Am Noutfall soll een den Haustelefon benotzen.

## BENOTZEN VUM SMARTPHONE

D'Ausmooss wéi d'Benotzung vum eegene Smartphone wärend dem Babysitting erlaabt ass, sollt mat den Elteren/Tuteuren gekläert ginn. Am Noutfall ass d'Benotzung vum Smartphone net a Fro gestallt, et sollt awer gekläert gi wat d'Fotograféieren, d'Filme vun de Kanner an d'Benotze vum Wifi ubelaangt.

## OP ALKOHOL AN DROGEN VERZICHTEN

De Konsum vun Alkohol an illegalen Drogen ass verbuede beim Babysitting. Babysitter:innen mussen erniichter sinn. Et däerf net a Präsenz vu Kanner gefëmmt ginn a beim Fëmmen däerf d'Iwwerwaachungspflicht net verletzt ginn.

## TRANSPORT VUM/VUN DER BABYSITTER:IN

D'Elteren/Tuteuren verpflichte sech, Babysitter:innen am Kader vum Babysitting, vun doheem ofzehuelen an och rëm heem ze bréngen.

Dobäi muss de Code de la route respektéiert ginn, fir de Schutz vun de Jonken ze garantéieren. Ausnamen zum Transport kënnen tëscht béide Parteien ausgehandelt ginn. Dëst däerf awer net op Käschte vun der perséinlecher Sécherheet vun de Babysitter:innen sinn.

## IWWERNUEHCTUNGSMÉIGLECHKEET

Bei enger Iwwernuechtung vum/vun der Babysitter:in, muss entspriechend eng Schlofgeleeënheet zur Verfügung gestallt ginn. Babysitter:innen droen och Verantwortung wann d'Kanner schlofen, dëst muss bei der Bezuelung berücksichtegt ginn.



## BEZUELUNG

Déi Jugendlech hunn e Recht op hir Bezuelung. D'Elteren/Tuteuren verpflichten sech, direkt no Ofschloss vum Babysitting de komplette Betrag ze bezuelen. D'Entlounung fir Babysitting sollt minimal de Stonnentarif vum gesetzleche Mindestloun fir Studente* ausmaachen.

Den Tarif kann entspriechend den Erfarungswäerter vun de Babysitter:innen variéieren. Fir all weider Kand sollt zousätzlech eng Pauschal, déi am Accord mat den Elteren/Tuteuren getraff gouf, a Rechnung gestallt ginn.*

Et besteet d'Méiglechkeet, mam Averständnis vum/vun der Babysitter:in eng fair Gesamtpauschal fir d'Leeschtung ze vereinbaren. Weiderhi sollte béid Parteie klären, ab wéi engem Moment eng weider Stonn a Rechnung gestallt gëtt (no 15 Minutten, no 30 Minutten,...). D'Bezuelung muss bis de Moment un dem d'Elteren/Tuteuren zeréck sinn, garantéiert sinn. Och wärend dem Schlof vum/vun de Kanner huet de/d' Babysitter:in d'Verantwortung a gëtt deemno komplett bezuelt. Eng Bezuelung op Kredit gëtt net toleréiert.



* https://guichet.public.lu/de/entreprises/ressources-humaines/contrat-convention/jeunes-actifs/etudiant.html
* ITM: https://itm.public.lu/de/questions-reponses/droit- travail/autres-contrats/b/b5.html





# 3 PROFILERSTELLUNG

# 3.1. D'VIIRAUSSETZUNGE FIR ENG ERFOLLEGRÄICH REGISTRÉIERUNG ALS BABYSITTER:IN

Interesséiert Babysitter:innen hunn d'Méiglechkeet, sech op Babysitting.lu e Profil ze kreéieren. Dofir ass et néideg, d'perséinlech Donnéeën anzeginn an hiren Zertifikat, den si no enger erfollegräicher ofgeschlosser Babysitter-Formatioun kritt hunn, eropzelueden, fir d'Richtegkeet vun den Informatiounen ze confirméieren.

Fir de Profil op der Websäit ze vervollstännegen, kann zousätzlech e Profilbild eropgeluede ginn.

No der Registréierung vun den Donnéeë ginn dës vum zoustännege lokale Partner iwwerpréift an de Profil gëtt aktivéiert. D'Lëscht vun de lokale Partner, déi d'Elteren/Tuteuren an d'Babysitter:innen verwalten, ass op Babysitting.lu ënner der Rubrik "Partner" verfügbar.

Babysitter:innen kënnen sech réischt bei Elteren/Tuteuren fir eng Babysitting-Sessioun mellen, nodeems si sech op der Plattform registréiert hunn a vum zoustännege lokale Partner aktivéiert goufen.

Iet d'Elteren/Tuteuren d'Iwwersiicht vun den Informatioune vun de Babysitter:innen kréien, mussen si sech op der Plattform registréieren a vum zoustännege lokale Partner aktivéiert ginn. D'Kontrolléieren virun der Aktivéierung vu béiden Parteien déngt dozou, e Mindestmooss u Sécherheet ze garantéieren a géint Bedruch ze schützen.

D'Viraussetzunge fir d'Registréierung op der Internetplattform an d'Fuerderungen un d'Jugendlecher garantéieren, datt nëmme qualifizéiert Jugendlecher an d'Babysitterverzeechnis opgeholl ginn, wat e kloert Qualitéitsmerkmal vum Service ass.

Fir d'Qualitéit vun de Profilfotoen ze garantéieren, sinn zesumme mat de Partneren d'Do's & Don'ts bei Profilbiller ausgeschafft ginn, fir déi beschtméiglech Matches tëschent de Babysitter:innen an Elteren/Tuteuren ze fërderen an de Babysitter:innen hir Chancen op ee Babysitting net duerch eng ongléckleche Foto ze verréngeren.

Viraussetzung fir eng erfollegräich Registréierung als Babysitter:in:

Fakultativ:

Eroplueden vun enger Profilfoto

- Tëschend 15 Joer an 29 Joer
- Erfollegräichen Ofschloss vun enger Babysitter-Formatioun (Zertifikat)
- Erstellen vun engem Profil
- Eroplueden vum Zertifikat
- Validéierung/Fräischalten duerch de regional verantwortlechen Partner



## 3.2. D'VIIRAUSSETZUNGE FIR ENG ERFOLLEGRÄICH REGISTRÉIERUNG ALS ELTEREN/TUTEUREN

Interesséiert Elteren/Tuteuren hunn d'Méiglechkeet, sech op Babysitting.lu e Profil ze erstellen. Dëst erfuerdert, dass si hir perséinlech Donnéeën aginn an eng, vun der Gemeng oder vu myguichet.lu ausgestallt, detailléiert Wunnsëtzbescheinigung (Certificat de résidence élargi) eropzelueden, fir d'Richtegkeet vun den ageschriwwene Informatiounen ze bestätegen.

No der Registréierung vun den Donnéeë ginn dës vum zoustännege lokale Partner iwwerpréift an d'Konto gëtt aktivéiert. D'Lëscht vun de lokale Partner, déi d'Elteren/Tuteuren an d'Babysitter:innen verwalten, ass op Babysitting.lu ënner der Rubrik "Partner" verfügbar.

Elteren/Tuteuren kréie réischt Abléck op d'Informatioune vun de Babysitter:innen, nodeems si sech op der Plattform registréiert hunn a vum zoustännege lokale Partner aktivéiert goufen.

D'Kontroll virun der Aktivatioun vu béide Parteien (Elteren/Tuteuren a Babysitter:innen) déngt dozou, e Mindestmoos u Sécherheet ze garantéieren a viru Bedruch ze schützen.

Fir d'Qualitéit vun de Profilfotoen ze garantéieren, sinn zesumme mat de Partneren d'Do's & Don'ts bei Profilbiller ausgeschafft ginn, fir déi beschtméiglech Matches tëschent de Babysitter:innen an Elteren/Tuteuren ze fërderen an de Babysitter:innen hir Chancen op ee Babysitting net duerch eng ongläcklech Foto ze verréngeren.

Viraussetzunge fir eng erfollegräich Registréierung als Elteren/Tuteuren:

- Erstellen vun engem Profil
- Eroplueden vun engem Certificat de résidence élargi
- Validéierung/Fräischaltung duerch de regional verantwortlechen Partner

Fakultativ:

Eroplueden vun enger Profilfoto







# 4 NËTZLECH INFORMATIOUNEN FIR PARTNER



## 4.1. BABYSITTING

Babysitting bezitt sech allgemeng op stonneweis Betreiung vun de Kanner vun Drëttpersounen, wärend d'Elteren/Tuteuren net doheem sinn. D'Dauer vum Babysitting soll net méi wéi 8 Stonne bedroen. Haaptsächlech maachen d'Schoulkanner a Student:innen tëscht 15 an 29 Joer dës Aktivitéit fir Erfarung am Ëmgang mat Kanner ze sammelen an extra Suen ze verdéngen. D'Remuneratioun soll op d'mannst de Stonnepräis vum gesetzleche Mindestloun fir Student:innen* sinn.

D'Babysitter:innen kommen dacks aus dem direkte familiären Ëmfeld vun de Kanner, no Familljememberen, Bekannten oder wéi am Fall vum "Babysitting.lu", vun enger Online Kontaktplattform. D'Dauer vun der Beschäftegung an d'Remuneratioun ginn am Viraus tëscht béide Parteien ausgemaach (et ass méiglech d'Conventioun an der Spéngel 4 ze benotzen).

D'Babysitten ënnerscheet sech also grondsätzlech vun enger ganzdeeglecher, reegelméisseger Betreiung vun enger Persoun mat engem Au Pair-Kontrakt an enger professioneller Kannerbetreiung vun ausgebilte Persounen.

## 4.2. D'PLATTFORM "BABYSITTING.LU"

D'Internetplattform „Babysitting.lu" ass eng Kontaktplattform, iwwer déi Elteren/Tuteuren a Jugendlecher, déi eng Formatioun als Babysitter:in ofgeschloss hunn, sech kenneléieren kënnen. D'Plattform gëtt vun Elisabeth Jeunesse* a Kooperatioun mat den Excellence- a Quality-Label-Partnere koordinéiert a steet de Benotzer:innen gratis zur Verfügung.

Die Plattform dient nicht der Vermittlung zwischen Babysitter:innen und Eltern/Erziehungsberechtigten, sondern wird explizit genutzt, um Kontakt zwischen beiden Parteien zu ermöglichen.

Die lokalen Partner sorgen dafür, dass nur Jugendliche, welche an einer „Babysitting.lu"-Fortbildung teilgenommen habe, online sichtbar werden. Bevor Eltern/Erziehungsberechtigte Zugriff auf die Informationen der Babysitter:innen bekommen, müssen auch sie sich auf der Plattform registrieren und vom zuständigen lokalen Partner aktiviert werden. Die Überprüfung vor der Aktivierung beider Parteien dient dazu, ein Mindestmaß an Sicherheit zu garantieren und vor Betrug zu schützen.

## 4.3. MÉIGLECH PARTNER FIR EE BABYSITTING.LU-LABEL

**Quality-Label**

- Gemengeverwaltungen (Service des Citoyens / Service de Jeunesse): Schlësselakteuren an der Vertriedung vum Qualitéitslabel an Ënnerstëtzung vun de lokale Kanner-, Jugend- a Familljendéngschter, souwéi Schoulen a Lycéeën.

**Excellence-Label**

- Lokal Kanner-, Jugend- a Familljendéngschter (z. B. Jugendhaiser, JIP): Sie fungéieren als Bréckebauer zu den Jugendlechen an der Regioun
- Lycéeën (SePAS): Si ënneratëtzen d'Ausbildung vu jonke Babysitter:innen duerch schoulesch Programmer an Aktivitéiten

*ITM: https://itm.public.lu/de/questions-reponses/droit-travail/autres-contrats/b/b5.html
**elisabethjeunesse.lu

## 4.4. D'VIIRAUSSETZUNGEN

**Quality-Label**

- Finanzielle Joresbäitrag: geméiss de Bedingungen an der Kooperatiounskonventioun.
- Kontaktpersoun: fir de partnerinternen Aufgabeberäich vu Babysitting.lu.
- Zesummenaarbecht: Tëscht Partnergemeng a lokalem Jugendservice zur Erweiderung vu lokalen Offere vu Formatioune fir Babysitter:innen an der Erreechbarkeet vu Jugendlechen.

**Excellence-Label**


- Kontaktpersoun a Verantwortlëch:en: fir de partnerinternen Aufgabeberäich vu Babysitting.lu.
- Zesummenaarbecht: Tëscht Partnergemeng a lokalem Jugendservice zur Erweiderung vu lokalen Offere vu Formatioune fir Babysitter:innen an der Erreechbarkeet vu Jugendlechen.
- Formateur: De sozio-edukativen Mataarbechter aus de lokale Jugendstrukturen erméigleche fir un der Babysitter-Formateur-Formatioun deelzehuelen.

## 4.5. VIIRDEELER VUN ENGER LOKALER PARTNERSCHAFT

- Digital Vermëttlungsplattform: D'Plattform fërdert d'lokal Vernetzung tëscht jonke Leit, Familljen a verschiddene Partner, well Familljen a Babysitter:innen doduerch zesummefanne kënnen. Traditionell Babysitterlëschten kënnen duerch eng modern, digital Léisung ersat ginn an eng vereinfachte Kommunikatioun gëtt doduerch gefërdert.
- Ënnerstëtzung vun de Familljen:
  1. Aarbechtsliewen: Erliichterung vun de Aarbechtsufuerderungen (z.B. Participatioun u Meetings, Homeoffice, Anhale vun Aarbechtszäiten asw.), souwéi Upassungsfäegkeet bei den Aarbechtszäite
  2. Fräizäitgestaltung: Nogoe vun Interessen, Sport, sozialen Aktivitéiten, Entspanung asw. zur Fërderung vum eegene Wuelbefannen an dem Stressofbau
  3. Bezéiungsqualitéit: Gemeinsam Aktivitéiten als Koppel.
  4. Hausaufgabenhëllef: Ënnerstëtzung beim Bewältege vun den Hausaufgaben.
  5. Alldagshëllef: bei Zäitkritesche Situatiounen.
- Qualitéitssécherung: Ënnerstëtzung bei der Ëmsetzung vu standardiséierte Prozesser, déi fir all Partner gëllen. Gewährleeschtung vun engem konstruktiven (Erfarungs-)Austausch wärend de Partnerversammlungen, d'Vereenheetlechung vun den Dokumenter souwéi d'stänneg Optimiséierung vun enger moderner Internetplattform a vu Social-Media-Kanäl gehéieren zur gemeinsamer Qualitéitsgarantie.
- Positiv Ëffentlechkeetsaarbecht: D'Quality-Label erlaabt de Partnergemengen ee familljefrëndlecht a qualitativ héichwäertegt Aussebild ze weisen a schwätzt verschidden Zilgruppen un.
- Fërderung vun der Jugendaarbecht: Jonk Leit kréien national a lokal Offeren am Beräich vun der non-formaler Bildung an d'Méiglechkeet, wäertvoll Liewenserfarungen ze sammelen. Duerch Babysitting.lu hu Jugendlecher e gesécherten Zougang zu engem Niewenjob souwéi Informatiounen iwwer aktuell Weiderbildungsofferen.
- Fërderung vu lokalen Aktivitéiten (Ënnerstëtzung bei Babysitterformatiounen): De Service Babysitting.lu ënnerstëtzt d'lokal Partner bei der Organisatioun vu Babysitter-Formatioune fir Jonk. Et ass méiglech, ee/eng Mataarbechter:in vun Elisabeth Jeunesse ze buchen, fir eng lokal Formatioun fir déi Jonk unzebidden.
- Netzwierkbildung a Synergieeffekter: Partnergemenge kënne beim Erstelle vun neien Dokumenter, didakteschem Material an Informatiounscampagnë matmaachen an esou de Service Babysitting.lu aktiv matgestalten an innovéieren. Ressourcë kënne gebündelt ginn, fir eng breet Zilgrupp unzeschwätzen.

## 4.6 D'AUFGABEN VUN ENGEM LOKALEN PARTNER

- Kontaktpersoun: fir interesséiert Elteren/Tuteuren a Jugendlecher aus der Gemeng, souwéi bei Reklamatiounen a Meldunge vun enger vun de Parteien.
- Verwaltung vun de Babysitter:innen-Profiller: Iwwerpréiwung, Validéierung an Aktivéierung vun den ugemellte Jugendlechen aus der Gemeng op www.babysitting.lu.
- Verwaltung vun den Elteren/Tuteur-Profiller: Iwwerpréiwung, Validéierung an Aktivéierung vun den ugemellten Elteren/Tuteuren aus der Gemeng op www.babysitting.lu.
- Weiderbildung: Organisatioun/Offere fir Weiderbildungen an der Gemeng.








# D'KOORDINATIOUNSSTELL



## 5.1. D'KOORDINATIOUNSSTELL

D'Verantwortlechkeet fir de Service Babysitting.lu, souwuel fir d'Koordinatioun wéi och fir d'technesch Betreiung vun der Internetplattform Babysitting.lu, läit beim Träger Elisabeth Jeunesse. De Service Babysitting.lu schaaft eng wäertvoll Schnëttstell fir verschidden Zilgruppen am non-formale Bildungsberäich an iwwerhëlt follgend Verantwortungsberäicher:

- Partnermanagement: Kooperatioune mat Partneren a Stakeholderen opbauen, ausbauen a pfleegen.
- Op- an Ausbau vu Kooperatioune mat aktuellen a potenzielle Partneren.
- Organiséiere vu Partnermeetings.
- Qualitéitsmanagement: Iwwerpréiwung a Weiderentwécklung vun de Qualitéitsstandarden.
- Entwécklung an Implementatioun vun neien Offeren, fir op d'Bedierfnesser vun den Notzer:innen ze reagéieren.
- Ëffentlechkeetsaarbecht: Präsenz op Foiren, an der Press an anere Medien.
- Social Media Management: Aktiv Féierung vun de Social-Media-Kanäl.
- Erstellung a Bereetstellung vu Virlagen, Bildungsdokumentatioun a Formatiounsmaterial.
- Organisatioun a Verwaltung vu Moderatiounsmaterialien a Werbematerial fir Informatiounsstänn.
- Weiderbildung: Organisatioun an Durchféierung vu Formatiounen fir Babysitter:innen a Formateuren.
- Matarbechterschoulung: Reegelméisseg Weiderbildungsofferen fir interesséiert Memberen/Mataarbechter:innen.
- Notzerbetreiung: Telefonszentrale fir Jugendlecher, Elteren/Tuteuren a Partner.
- Reklamatiounsmanagement („Alert-Button"-System fir Noutfäll).
- Bewäertungsanalyse: Auswäertung vu Feedback a Bewäertungen zur Upassung vun den Offeren.
- Statisteschen Iwwerbléck: Sammelen, Auswäerten an Archivéiere vu Benotzerzuelen.
- Plattformmanagement: Iwwerwaachung a Weiderentwécklung vun der Internetplattform.
- Datenbankpfleg: Aktualitéit vun den Datenbanken sécherstellen
- Férdermëttelakquise: Ermëttelen an ufroe vu Férdermëttel zur Ënnerstëtzung vum Service.
- Finanzverwaltung: Opstellung an Ofrechnung vun der järlecher Finanzlag.
- Zouverlässeg Kontaktpersoun fir Partner, Stakeholder an de Ministère.
- Onboarding-Treffe mat neie Partner.

## 5.2. FAQ - HEEFEG GESTELLTE FROEN

Babysitting.lu huet eng FAQ-Sektioun, déi di gängegst Froen direkt beäntwert. Falls Notzer:innen weider Froen hunn, déi am FAQ-Beräich net ofgedeckt sinn, kënnen si d'Babysitting.lu-Team per E-Mail kontaktéieren. D'FAQ-Sektioun gëtt reegelméisseg aktualiséiert an erweidert, baséiert op den heefegste Froen. D'Zil ass, eng kloer a informativ Ressource bereet ze stellen, déi all Notzer:innen hëlleft, d'Internetplattform effektiv ze benotzen.

Di heefegst gestallte Froe sinn op Babysitting.lu ënner der Rubrik FAQ ze fannen.

## 5.3. KONTAKT

elisabeth jeunesse   Babysitting.lu
Where parents and babysitters connect

25, ZAC Klengbousbierg, Bâtiment A L-7795 Bissen
babysitting@elisabeth.lu
45 07 74 - 6041
www.elisabethjeunesse.lu I www.babysitting.lu





# SPÉNGEL & VIIRLAGEN

All d'Spéngelen déi hei ze fanne sinn, déngen als Muster a kënnen, jee no Bedarf a Wonsch, ergänzt a verännert ginn.

D'Benotzung vun de Virlagen ass fir Babysitter:innen an/oder Elteren/Tuteuren net verpflichtend.

Babysitting.lu
Where parents and babysitters connect
Spéngel 1

# WÉI GINN ECH BABYSITTER:IN?

- Babysitterformatioun bei engem Babysitting.lu-Partner absolvéiere
- Profil op Babysitting.lu erstelle
- Perséinlech Donnéeë wahrheitsgetreu ugi
- Fakultativ: Profilbild eropluede
- Babysitter-Zertifikat eropluede
- Benotzerprofil gëtt vum lokale Partner kontrolléiert an aktivéiert
- Elteren/Tutueren kënnen ee Profil gesinn, an et kann een se per Chat-Funktioun kontaktéieren oder
- Et kann ee sech bei Elteren/Tuteuren fir eng, vun hinnen publizéiert Babysitting-Session mellen

# WÉIENG INFORMATIOUNEN STINN OP MENGEM ZERTIFIKAT ?

- Mäi Numm, Virnumm a Gebuertsdatum
- Datum vun der Babysitterformatioun
- Organisateur vun der Babysitterformatioun
- Formateur vun der Babysitterformatioun
- Zuel vun de Stonne vun der Babysitterformatioun (min. 7,5 Stonnen)
- Inhalt vun der Babysitterformatioun
- Austellungsdatum vum Zertifikat
- Datum an Ënnerschrëft vum Organisateur vun der Babysitterformatioun

Babysitting.lu
Where parents and babysitters connect
Spéngel 2

# CHECKLËSCHT FIR BABYSITTER:INNEN

Virnumm vum Kand:

Numm vum Kand:

Gebuertsdatum vum Kand: ___ / ___ / 20___

Adress:

1

Elterendeel/Tuteur:

Telefonsnummer:

2

Elterendeel/Tuteur:

Telefonsnummer:

3

Noutfallkontakt:

Telefonsnummer:

SOS Police: 113 | Pompjeeën: 112 | Krankewon: 112 SOS

Krankheeten: Medikamenter / Informatiounen:

Allergien/Intoleranzen: Medikamenter / Informatiounen:

Lieblingsbeschäftegungen:

Schlofenszeiten & Ritualer:

Iessenszäiten & Iessgewunneschten:

Stonnentarif: _____ € / Stonn an/oder Pauschaltarif: _____ € / Owend

Metoud fir ze bezuelen: ☐ Cash ☐ Payconiq

Transport vum/vun der Babysitter:in: ☐ Regelt den Transport selwer / Öffentlechen Transport ☐ Verantwortung vun den Elteren/Tuteuren

Babysitting.lu
Where parents and babysitters connect
Spéngel 3

# CHECKLESCHT FIR
# ELTEREN/TUTEUREN

Virnumm
vum/vun der Babysitter:in:

Numm
vum/vun der Babysitter:in:

Gebuertsdatum
vum/vun der Babysitter:in: ___/___/_____

Adress
vum/vun der Babysitter:in:

Telefonsnummer
vum/vun der Babysitter:in: :

1

Noutfallkontakt
vum/vun der Babysitter:in:

Telefonsnummer:

2

Noutfallkontakt
vum/vun der Babysitter:in:

Telefonsnummer:

Krankheeten
vum/vun der Babysitter:in:

Medikamenter /
Informatiounen:

Allergien/Intoleranzen
vum/vun der Babysitter:in:

Medikamenter /
Informatiounen:

Hobbien
vum/vun der Babysitter:in:

Lieblingsaktivitéiten/Lieblingsbeschäftegunge
vum/vun der Babysitter:in:

Verschiddenes:

Verschiddenes:

Stonnentarif: _____ € / Stonn an/oder Pauschaltarif: _____ € / Owend

Metoud fir ze bezuelen: ☐ Cash ☐ Payconiq

Transport vum/vun der Babysitter:in: ☐ Regelt den Transport selwer / Öffentlechen Transport ☐ Verantwortung vun den Elteren/Tuteuren

Babysitting.lu
Where parents and babysitters connect
Spéngel 4

# BABYSITTING

# ACCORD

Numm & Virnumm vum/vun der Babysitter:in:

Numm & Virnumm vun den Elteren/Tuteuren:

Datum Babysitting: Me / De / Me / Do / Fr / Sa / So, den ___ / ___ / 20___

Auerzäit Babysitting: Start ___ : ___ Auer Schluss ___ : ___ Auer

Stonnentarif: _____ € / Stonn an/oder Pauschaltarif: _____ € / Owend

Methoud fir ze bezuelen: ☐ Cash ☐ Payconiq

Berechnung vum Tarif: ☐ All 15 Minutten ☐ All 30 Minutten

Iwwernuechtung vum/vun der Babysitter:in: ☐ Jo ☐ Nee

Transport vum/vun der Babysitter:in: ☐ Regelt den Transport selwer / Öffentlechen Transport ☐ Verantwortung vun den Elteren/Tuteuren

Verschiddenes:

Verschiddenes:

Verschiddenes:

Verschiddenes:

Verschiddenes:

Verschiddenes:

Ennerschrëft vum/vun der Babysitter:in:

Ennerschrëft vun den Elteren/Tuteuren:

Babysitting.lu

Where parents and babysitters connect

elisabeth jeunesse

GECKO.lu